adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3768 vum 4. Mäerz 2021 iwwert verschidde Sécherheetsmängel um Findel, déi am Kader vun engem Audit vun der ANA duerch d'DAC festgestallt goufen, huet den Här Minister deemools ënner anerem dat hei geschriwwen: "*An den Deeg nom Audit gouf der DAC en korrektiven Aktiounsplang, deen aus e puer Etappe besteet, zur Verfügung gestallt, wei bei all Net-Konformitéit. Dëse leeft bis Enn 2021 a gouf vun der DAC guttgeheescht*".

Zu der Fro vum schlëmmst méiglechen Impakt op de Findel huet den Här Minister deemools geschriwwen: "*Aus enger operativer Perspektiv, wier déi extreemste Moossnam theoretesch e partiellt oder komplett Zoumaache vum Fluchhafen oder vum Loftraum. Sou eng Moossnam schéngt allerdéngs am Moment weder gerechtfäerdegt nach proportional*". Wéi rezent an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 7950 vum honorablen Deputéierte Sven Clement ze liese war, koum et an der Lescht awer zu substanziellen Aschränkungen am Passagéierverkéier, well d'Zuel vun de Landunge vun 20 op zwielef pro Stonn huet misse reduzéiert ginn. Als Begrënnung schreift den Här Minister dann ënner anerem dat hei: "*Am Kader vun engem Audit vun der Administration de la navigation aérienne (ANA) huet d'Direction de l'Aviation civile (DAC) eng Rei Non-Konformitéite festgestallt. Eng dovun ass als Niveau 1 klasséiert ginn an d'DAC huet eng direkt Aktioun vun der ANA gefrot, déi d'Zuel vun den Arrivéeën op 12 pro Stonn limitéiere soll, soulaang déi Non-Konformitéit net geléist gouf*".

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi déi zwee Dossiere liéiert sinn? Handelt et sech em zwee verschiddenen Auditten oder ëm de Suivi vun identesche Probleemer? Kann den Här Minister am éischte Fall preziséieren, wéi sech dës héich Zuel u Pannen ënnerhalb vu kuerzer Zäit erkläert, respektiv am zweete Fall, firwat den ursprénglechen Delai fir déi festgestallte Mängel bis Enn 2021 ze redresséieren, net agehale gouf?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, mat wéi vill Ausfäll a Verspéidungen d'Passagéier um Findel notamment wärend der Saison musse rechnen a preziséieren, wéi laang eng duerchschnëttlech Verspéidung kéint daueren?
3) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi dës Mängel sech allgemeng op déi international Reputatioun vum Findel auswierken a preziséieren, ob an deem Zesummenhang scho Fluchgesellschaften annoncéiert hunn, hir Aktivitéiten um

Findel ze reduzéieren oder anzestellen, respektiv op geplangt Expansiounen oder nei Néierloossungen ze verzichten?

4) Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi ee Chiffer d'Affaires der Firma LUXAIRPORT als Exploitatiounsgesellschaft duerch dës Reduktioun maximal ka verluer goen a preziséieren ob dës oder och de Staat direkt am Risiko stinn an dësem Zesummenhang missen Indemnitéiten u betraffe Fluchgesellschaften ze leeschten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten